# LEON KOOB †

Nés eng Ke'er huet Letzeburg e vu sengen Heroen gee'ert, den Zockerbäcker Léon Koob, dén de 25. Février 1943 mat 22 aner Patrioten am KZ. zu Hinzert erschoß a fir dé geschter e feierleche Leichendengscht gehale go'f. D'Herz Jesu-Kirech op der Gare huet sélen eso' eng stark Assistenz vun Trauergäscht gesinn: Frënn, Bekannter, virun allem seng intimst Matarbechter aus der Resistenz, dénen de Schmierz iwer de schwe're Verloscht vun engem le'we Komerod, engem Schaffert vun der e'schter Stonn am Gesicht ausgedréckt wor.

Si all hâten de Léon kannt als dé jovialen an ëmmer gut obgeraumte Frénd, als den acharne'erte Letzeburger, dén alles, eso'gur d'Liewen ze affere berét war, wann nëmmen d'Hémecht erëm aus den Hänn vun den Nazien erausgerass an hir d'Freihét erëmgeschenkt géng. We' oft ass zënter dém schwarze Févrierdag 1943 dem Léon Koob sein Numm an den Zeidongen an an de Gespre'cher vun de Leit ernimmt gin. Kés ower war et o'ni Gefill vun he'chster Bewonnerong, vun de'fstem Dank an oprichtegster Sympathie fir de' éminent patriotesch Akten, de' de Léon an seng Familjen ënner der preisescher Oppressio'n gesat hun an de' hir bludeg Kre'nong fond hun mam Heldendo't vum Léon Koob.

Seng Verdengschter ëm d'Hémecht bleiwen onse Kanner a Kanneskanner am goldene Buch vun der Resistenz vu Letzeburg op e'weg erhalen. Letzeburg huet se geschter unerkannt an enger Manifestatio'n, de' an d'Hierz gegraff huet. De Gesank, d'Urgel, d'Geien, de' ëscht immobil Haltong vun der militärescher E'eregarde beim Katafalk, dén an engem richtege Blummemier verschwonnen ass, de' Masse Leit, dat alles huet eng Atmosphär geschâf, an dèr d'Matgefill iwer de Kreizwé vun der Familje Koob direkt ze greife war.

Et war en Tro'scht fir d'Hannerbliwen. Et war ower och en impressionante Beweis derfir, dat de Léon an all de' aner daper Letzeburger, de' fir d'Hémecht gefall sin, net nur an déne Kresser, wo' si gewîrkt hun, ma am ganze Land nie a nimmer vergiess gin. Hirt Wierk liewt virun, eso' lâng we' d'Hémecht bestét.